**Evangelium vum 5. Sonndeg vun der Ouschterzäit (Joer A)**

**Joh 14,1-12**

1 De Jesus sot zu senge Jünger:
"Äert Häerz soll net onroueg sinn!
Gleeft un den Herrgott,
a gleeft u mech!

2 A mengem Papp sengem Haus si vill Wunnechten.
Wann dat net esou wär,
hätt ech iech da gesot,
datt ech iech eng Plaz virbereede ginn?

3 Wann ech higaang sinn an iech eng Plaz virbereet hunn,
da kommen ech zréck
an huelen iech bei mech,
fir datt och dir do sidd, wou ech sinn.

4 Dir kennt de Wee dohinner,
wuer ech higinn."

5 Den Thomas sot zu him:
"Här, mir wëssen net, wuer s du higees.
Wéi solle mir dann de Wee dohinner kennen?"

6 De Jesus huet him geäntwert:
"Ech sinn de Wee, d'Wourecht an d'Liewen.
Et kënnt kee bei de Papp,
't sief dann duerch mech.

7 Wann dir mech erkenne géift,
da géift dir och mäi Papp erkennen.
Elo schonns kennt dir hien
an dir hutt hie gesinn."

8 De Philippus sot zu him: "Här, weis äis de Papp,
dat geet äis duer!"

9 De Jesus huet him geäntwert:
"Esou laang scho sinn ech bei iech,
an du hues mech net erkannt, Philippus?
Wie mech gesinn huet,
huet de Papp gesinn.
Wéi kanns du soen: 'Weis äis de Papp!'?

10 Gleefs du net, datt ech am Papp sinn
an datt de Papp a mir ass?
Déi Wierder, déi ech iech soen,
soen ech net vu mir aus,
ma de Papp, deen a mir bleift,
mécht seng Wierker.

11 Gleeft mir, datt ech am Papp sinn
an datt de Papp a mir ass!
Wann net,
da gleeft op d'mannst wéinst de Wierker!

12 Amen, amen, ech soen iech:
Wien u mech gleeft,
dee mécht selwer och déi Wierker, déi ech maachen,
an hie mécht der esouguer,
déi nach méi grouss sinn ewéi meng,
well ech gi bei de Papp."